

*Pressematdeelung vum 21. Juni 2022*

De 15. Februar 2021 huet Reporter.lu eng Rei Virwërf géint den Ëmweltministère an d'Firma Oeko-Service Luxembourg S.A. (OSL) de Bedriwer vun der Superdreckschëscht (SDK) erhuewen. Am entsprechenden Artikel gouf d'Méiglechkeet vun Interessekonflikter mat der Ëmweltverwaltung, souwéi Vetterwirtschaft a Korruptioun thematiséiert.

De 24. Februar 2021 gouf déi deemoleg Madamm Ëmweltminister Carole Dieschbourg an déi zoustänneg Chamberskommissioun convoquéiert. Am Virfeld hat d'Madamm Minister dann och en Audit vun der SDK ugekënnegt.

No der Aschätzung vu ville Beobachter huet et sech hei allerdéngs just ëm eng Analys, a keen Audit no internationale Standarde gehandelt. Weider kruten d'Deputéierten déi néideg Dokumenter eréischt 20 Minutte virun der Sitzung zougestallt an d'Madamm Minister huet hiren Optrëtt virun allem zur Eegenizenéierung, amplaz fir eng seriö Oplklärung a Kooperatioun mat de Volleksvertrieeder genotzt.

D'ADR-Deputéierten hunn doropshin decidéiert, d'Justiz anzeschalten an hunn d'Affär den 3. Mäerz 2021 bei der "Cellule de Renseignement Financier" (CFR) gemellt. D'Receptioun vum Dossier gouf confirméiert. Aus Respekt virun der Justiz hat d'ADR decidéiert, dëse Schratt bis zum Enn vun der legislativer Prozedur oder enger ofschléissender Decisioun duerch d'Justiz, net un d'Ëffentlechkeet ze bréngen. Déi nei Entwécklungen am Dossier hunn elo dozou geféiert, datt d'ADR der CFR dëse Bréif vum 3. Mäerz 2021 nach eemol rappelléiert huet well e bis elo anscheinend keng Suite krut. Gläichzäiteg huet d'ADR decidéiert hir Initiativ aus dem Joer 2021 ëffentlech bekannt ze maachen.

Mat dem Vott vum 16. Juni zum neie Spezialgesetz gouf déi parlamentaresch Aarbecht an der Affär-SDK virleefeg op en Enn bruecht. Eng ADR-Motioun fir e richtegen Audit no internationale Standarde gouf genausou verworf wéi eng gemeinsam Resolutioun vun de Fraktiounen vun ADR, CSV, déi Lénk an de Piraten, fir eng parlamentaresch Enquêtëkommissioun anzesetzen. D'ADR bleift iwwerdeems bei hirer Positioun, datt déi nei Verfassung dem Vollek an engem Referendum muss virgeluecht ginn. Gëtt se während dëser Legislaturperiod iwwert deen een oder anere Wee ugeholl, wäert d'ADR an der Chamber awer eng Initiativ huelen, fir vun der Méiglechkeet Gebrauch ze maachen, fir eng Enquêtëkommissioun zukünfteg duerch en Drëttel vun den Deputéierte kënnen anzesetzen.

Matgedeelt vun der ADR